**L'EGALITE DES FEMMES ET DES HOMMES**
**DANS LE DEVELOPPEMENT LOCAL**

**Conférence du 19 octobre à Junglinster**

**Intervention de Monsieur Jean-Pierre Klein**

Wéi di meescht vun iech heibanne wëssen, setzt de SYVICOL sech zënter annerhalwem Joer aktiv fir d'Promotioun vun der Charte européenne pour l'égalité des femmes et des homes dans la vie locale bei de letzebuerger Gemengen an.

Waat as also den Intérêt vun dësem Dokument?

Abee, si stellt an eisen Aan ee komplette Programm - an eng Upaak - duer, fir eng ambitéis a nohalteg Gläichheetspolitik um Gemengenniveau emzesetzen.

Vill Gemengen sin elo schon aktiv engagéiert an dësem Beräich – d'Charte hëlleft hinnen, ee Schratt méi wéi ze goen wéi bis elo, andeems se de roude Fuedem liwert fir d'Thema "Gläicheet tëschent Fraen a Männer " transversal an all Aufgabeberäicher vun de Gemengen afléissen ze loossen.

Ech free mech, dass bis elo op d'mannst schon 8 Letzebuerger Gemengen dës Charte ënenrschriwen hun an domat e staarkt politescht Signal gesaat hun.

Natiirlech as et mat der Signature vun dem Dokument net gedoen. Di richteg Aarbecht fänkt dann nämlech eréischt un.

Dir wësst, dass vun all Gemeng déi ënnerschriwen huet, erwaart get, dass se e "Plan d'action" opstellt deen di verschidden Artikelen vun der Charte ëmsetze soll.

De SYVICOL huet sech vun Ufank un engagéiert, zesumme mat der Regierung an dem Conseil national des femmes du Luxembourg,, de Gemengen bei der Démarche ze hëllefen.

An enger éischter Phase, huet de SYVICOL dofir och, zesumme mat dëse Partner, ee “Guide d’accompagnement” fir d’lëtzebuerger Gemengen opgestallt, deen Iddien liwere soll, déi an esou ee Plan d’action erafléisse kinnten. Dëst Dokument as schon e puermol virgestallt gin, an dir hutt elo och nach eng Kéier eng Copie heivunner ausgedeelt kritt.

Haut probéiere mer nach e Schratt méi wäit ze goen. D’Ziel vun dëser Konferenz as et, op eng pragmatesch Art a Weis ze kucken, wéi een un d’Opstellung vun esou engem Plan d’action kann erugoen. Ech si ganz gespaant ze héieren, wéi d’Staad Heidelberg daat ugepaakt huet, an och op d’Resultater déi de Mëtten bei den Diskussiounen an den Atelier-en erauskommen.

Ech wëll op dëser Plaaz nach e Message ënnerbréngen un di politeschVerantwortlech aus deene Gemengen déi d’Charte ënnerschriwen hun.

D’Emsetzung vun der Charte setzt viraus, dass eng Gemeng intern eng Aarbechtsweis gin huet, wéi se hierunner schaffe wëll. An aanere Wierder: si muss sech um Niveau vun hiren politeschen Organer an hirer Verwaltung esou opstellen, dass d’Zieler vun der Charte op eng efficace Manéier kënne verfollegt gin.

Wéi eng Gemeng sech do intern arrangéiert, as hir iwerlooss. Et kann een sech verschidde Modeller virstellen. Wichteg as et awer, dass een sech ganz am Ufank eng Rei Froe stellt, wéi zum Beispill:

Wien bekëmmert sech em d’Emsetzung vun der Charte?
Mat wiem schafft en oder et zesummen?
Wéi sin d’Relatiounen mam Personal aus der Verwaltung?
Wiem rapportéiert en oder et?
Wéi eng Roll spillt d’Chancegläichheetskommissioun?
Wéi verleeft de Suivi vun der Aarbecht?
An esou weider.

Waat ech awer besonnesch ënnersträiche wëll as,  dass de Schäffen a Gemengerot musse mat agebonne bleiwen. Eng regelméisseg Informatioun a Consultatioun vun den politeschen Verantwortlechen, as hei indispensabel. Emgedreint as och hinnen hir Bereetschaft, sech fir d’Virundreiwen vun der Charte anzsetzen,
eng Conditio sine qua non, fir de Succès vun dësem Projet.

Zum Schluss nach ee Merci un all déi Leit, di sech an dësem Projet engagéieren. Ech mengen, dass mer hei eng virbildlech Kooperatioun tëschent den Akteuren an der Chancegläichheet haaten, an dass mer och an aanere Beräicher solle probéieren, no dësem Modell d’Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg virunzebréngen.